



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vun Här Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7426 vum 28. Dezember 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement an vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

1. Wéi vill Persounen hu sech an deene leschten 12 Méint (opgeschlüsselt pro Mount) an deene verschiddenen Impfzentren hei am Land impfe gelooss?

Folgenden Tableau schlësselt d'Unzuel vun den geimpften Résident'en, je no Impfzenter an no Mount, fir 2022 op:

Mois 2022	Centre Limpersberg	Centre Esch/Belval	Centre Ettelbruck	Centre Findel	Centre LuxExpo	Mondorf
Jan	32255	28310	25379	23865	13984	
Feb	9574	11616	5553	1753		
Mar	3853	2363	1875			
Apr	2792	631	522			
May	3793					
Jun	2576					
Jul	12663					
Aug	5195					
Sep	1398					
Oct	3047	788				
Nov	2272	831				
Dec	1920					
Total général	81338	44539	33329	25618	13984	0

* den Site LuxExpo ass den 5. März 2022 zougaangen;

** den Site Esch-Belval ass de 16. Abrëll 2022 zougaangen an ass nach eemol am Oktober an November opgaangen fir den 26. November 2022 nees zouzemaachen;


*** den Site Ettelbruck ass den 16. Abrëll 2022 zougaangen;

**** den Site Findel war just temporaire op fir déi éischt Boosterdosis;


***** den Site Mondorf ass schon am August 2021 zougaangen.

2. Wéi vill Personal war am Duerchschnëtt iwwert déi eenzel Méint an den Impfzentren opgestallt?

Fir d'Joer 2022 waren am ganzen 507 Leit iwwer d'Réserve sanitaire agestallt déi en Fonctioun vun den Besoin'en op déi verschiddenen Impfzentren verdeelt ginn sinn (bei dëser Zuel handelt sech exklusiv em Gesondheetsberuffler an administratiivt Personal; IT-Personal an Sécherheetsléit sinn hei net mat berechent).



D'Unzuel un Personal huet an Fonktioun vun den Besoin'en an den Impfzenter ëmmer nees staark variéiert, mee am Duerchschnëtt hunn eng ronn 184 Leit pro Mount aus den uewegenannten Kategorien an den Impfzentren geschafft.



3. Wéi eng lafend Käschten bréngt een Impfzentrum pro Mount mat sech (Personal an Energiekäschte mat abegraff)?

An engem Impfzenter falen zu engem Deel fix Käschten un. Dat sinn Käschten déi all Mount ufalen, onofhängeg vun der Unzuel vun de Leit déi sech impfe loossen. Et handelt sech heibäi virun allem ëm folgend Käschten: Locatioun vun der Infrastruktur, Nettoyage, Surveillance, Support IT, Personal fir den Enregistrement an de Coordinateur um Site.

Nieft dës fix Käschten, gëtt et dann nach d'Rémunéiratioun fir d'Gesondheetspersonal dat d'Impfungen mécht. Dës Käschten hänke vun zwee Facteuren of. Als éischt, vun der Unzuel vun de „files de vaccination“ déi an engem Impfzenter operationell sinn. Dës Zuel gëtt vu Woch zu Woch festgeluecht, dat en Fonction vun de Leit déi ee Rendez-vous geholl hunn, respektiv vun dem erwaarten Undrang. Als zweet hänken dës Käschten vum Statut vum Gesondheetspersonal of dat an der jeeweileger Woch am Impfzenter intervenéiert: fräiberufflechen Dokter, Kinésitherapist an Infirmier, Fonctionnaire oder awer Gesondheetspersonal dat een zäitlech befristeten Kontrakt vun der Réserve sanitaire huet.

Esou hunn déi fix Käschten am Mount November fir den Impfzenter Victor Hugo sech ob ronn 122.000 Euro belaf.



D'Personalkäschten vum Gesondheetpersonal dat am Impfzenter intervenéiert ass huet sech ob ronn 198.000 Euro belaf.

4. Wéi eng Indicateure berécksiichtegt d'Ministesesch fir een Impfzenter zou ze maachen an d'Impfung op anere Plazen dezentraliséiert unzebidden?

An dem Kontext vum Op- an Zoumaache vun engem Impfzenter ginn eng Rei Indicateure gekuckt. Et handelt sech heibäi ënnert anerem ëm d'Unzuel vun de Leit déi een Rendez-vous geholl hunn, ëm d'Proportioun vun de Leit déi an engem Impfzenter geimpft ginn par rapport zu der Unzuel vun de Leit déi sech ob enger anerer Platz impfe gelooss hunn (Apdikten an Doktercabinet'en), ëm eventuell nei Elementer bei den Impfrecommandatiounen, ëm nei Impfstoffer déi ob de Marché kommen oder ëm Entscheedunge bei der Boosterimpfung.

Well d'Impfungen iwwert déi läscht Méint lues a lues ofgeholl hunn, sinn all d'Impfzenteren – ausser den Impfzenter am Victor Hugo – zougemaach ginn. Een Impfzenter huet de groussen Avantage datt d'Leit sech ganz spontan ouni Rendez-vous mat all Impfstoff kënnen impfe loossen.

Bis elo war et esou datt de Ratio vun den Impfungen déi an engem Impfzenter gemaach goufen méi héich ass ewéi de Ratio vun Impfungen ob anere Plazen. Dëse Ratio huet sech an de Wochen virun der Chrëschtvakanz bei ronn 50% agependelt. Allerdéngs ass déi absolut Zuel vun Impfungen an den Impfzentren zanter dem Enn vum Oktober lues, awer kontinuéierlech erofgaangen. Well d'Unzuel vun den neien Infektiounen an de Wanterméint an de lëschte Joeren ëmmer erop gaangen ass a well gesi gouf datt d'Impfbereetschaft an der Vergaangenheet bei héichen Infektiounszuelen méi héich war gouf décidéiert nach een Impfzenter iwwert d'Wanterméint opzeloossen.

Sollt den uewegenannten Trend vun der Baisse sech awer an den nächste Woche fortsetzen, mécht et Sënn d'Impfungen komplett an d'Doktercabinet'en an d'Apdikten ze verleeën. Doriwwer eraus kann ee periodesch mat mobilen Équipen oder engem Impfbus Impfungen uechtert d'Land ubidden.

5. Wéi schnell wier een Impfzenter am Fall vun enger weiderer Covid-Well erëm asazbereet?

Am Fall wou eng Infrastruktur fäerdeg ageriicht ass, kënnen Impfungen innerhalb vun enger Woch operationell sinn. An dem Fall wou déi ganz Infrastruktur (Impfbox'en, Elektronik, extra Beliichtung, Waassercuven, Informatik...) an engem Impfzenter nees nei muss ageriicht ginn kann een, je no Disponibilitéit vum Material um Marché, mat 6-8 Woche rechnen.

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert